

eraus. Si produzéieren hir Energieplanzen, si liwwere se an d'Biogasanlagen, déi se gemeinsam bedreiwen, an dee Biogas gi se entweder an d'Netz eran oder op eng aner Plaz. Ech mengen, haut si mer vill méi wäit wéi dat, wat hei an där Motioun gesot gëtt. Wann Der also de leschten Deel vum Saz géift sträichen, kënn ech déi Motioun akzeptéieren.

■ **Une voix.**- Da sträiche mer dat.

■ **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Mat där zweeter Motioun hunn ech kee Problem. Ech mengen, do wëlle mer alleguer an déi Richtung goen, och iwwer besser Formation d'Meeschterprüfung anzeféieren, mä ech géif do en Appel maachen, och un d'Landwirtschaftsgremien, fir selwer d'Initiativ ze ergreifen, well et ass un hinnen am Fong fir mat dem Educationministère zesummen ze kucken, datt dee Meeschterdiplom un d'Lafe kënn.

Bei der drëtter Motioun, do géif ech bieden, deen éischten, zweeten, drëtten a véierten Tiret licht ze änneren. Den éischten soll een esou émänneren: «à prendre soin que les aides au revenu, accordées aux agriculteurs/viticulteurs, soient, dans la mesure du possible, au bénéfice des personnes actives». Ech mengen, dat, wat mer wëllen ass jo kloer: Et soll een alles maachen, fir datt déi aktiv Bauere Sue kréien. Mir wëssen awer, datt duerch d'europäesch Reglementatioun dat net absolut méiglech ass, mä et kann een awer iwwer Dispositiounen am Reglement dat Zil

upeilen. Dofir mengen ech, wann een dat liicht ëmformuléiert, esou wéi ech et elo grad gesot hunn, also «à prendre soin que les aides au revenu, accordées aux agriculteurs, soient, dans la mesure du possible, au bénéfice des personnes actives dans le secteur», kënn een nach derbäi soen.

Wann ee géif deen nächsten Alinea esou maachen: «à déployer tous moyens disponibles afin de soulager la charge administrative des entreprises».

(**Interruption**)

Ah, Dir hutt schonn...

■ **M. le Président.**- Dat ass scho geännert ginn.

■ **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- An deen zweeteschten: «à améliorer l'entente entre». Voilà! Also ech mengen dat beweist, datt een och op engem kontroverse Gebitt kann zu gemeinsamen Erkenntnisser kommen an ee gemeinsame Wëllen ausdrécken.

Merci.

(**Interruptions diverses**)

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen also elo zur Ofstëmmung vun deenen dräi Motiounen.

D'Motioun 1 an 2, do sinn nach déi fënnef Ënnerschrëften net drop. Ah dohannen, den Här Schneider an den Här Oberweis ënnerschreiwen och. Dann hunn déi dräi Motiounen fënnef Ënnerschrëften. Da mengen ech, könnte mer och par main levée ofstëmmen.

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

- persuadée que le secteur agricole devra jouer un rôle important dans notre stratégie nationale de développement durable et d'approvisionnement en énergies renouvelables;

- soucieuse que les initiatives prises dans ce secteur doivent être scientifiquement accompagnées et optimisées du point de vue de l'efficacité énergétique et économique;

invite le Gouvernement

- à promouvoir la recherche et le développement connexe de nouveaux créneaux prometteurs dans le domaine de l'énergie à base de biomasse;

- à prendre toutes les mesures utiles afin de développer dans l'agriculture - à côté du secteur alimentaire - un secteur énergétique de haute performance, permettant d'utiliser d'une manière rationnelle et optimale toutes les ressources disponibles pour la production systématique d'énergies renouvelables sur base de matières organiques;

- à favoriser dans la mesure du possible des solutions décentralisées de nature associative, permettant à nos exploitations agricoles et forestières de se procurer une base économique supplémentaire.

(s.) Robert Mehlen, Charles Goerens, Henri Kox, Marcel Oberweis, Romain Schneider.

**Vote**

Mir kéimen da fir d'alleréischte zur Ofstëmmung vun der Motioun 1.

Wien ass domadder averstanen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Unanimitéit ass fir d'Motioun 1.

**Motion 2**

D'Motioun 2.

**Vote**

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun 2 ass ugeholl.

**Motion 3 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

- estimant nécessaire de renforcer l'importance du secteur agricole, viticole et forestier dans le but de diversifier notre économie nationale;

- inquiétée par la diminution sans cesse du nombre de nos exploitations agricoles, viticoles et horticoles;

- persuadée que le secteur agricole aura à jouer un rôle important dans notre stratégie nationale de développement durable,

invite le Gouvernement

- à défendre au niveau européen et international une approche politique assurant la viabilité de nos entreprises oeuvrant dans le domaine agricole, viticole et forestier;

- à considérer le secteur primaire comme fondement indispensable d'une politique de développement rural;

- à mener une politique qui permet aux personnes travaillant dans le secteur agricole de bénéficier de

conditions de travail et de revenu qui sont comparables aux autres secteurs de notre économie nationale;

- à prendre soin que les aides au revenu accordées aux agriculteurs/viticulteurs soient, dans la mesure du possible, au bénéfice des exploitants actifs et non à ceux qui cessent l'activité agricole;

- à déployer tous les moyens disponibles afin de soulager considérablement la charge administrative des entreprises;

- à améliorer l'entente entre les administrations publiques au service de l'agriculture et celles ayant comme mission la protection des ressources naturelles;

- à porter soin que la nouvelle loi agraire soit déposée en temps utile.

(s.) Robert Mehlen, Charles Goerens, Henri Kox, Marcel Oberweis, Romain Schneider.

**Vote**

Keen dergéint?

Keen Enthalen?

Da sinn déi dräi Motiounen à l'unanimité ugeholl.

Mir sinn domadder um Schluss vun eisen Aarbechte vun haut. Muer ass déi nächst Sëtzung mëttes um hallwer dräi.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(**Fin de la séance publique à 18.58 heures**)

Ordre du jour

1. 5551 - Projet de loi relatif à la troisième adaptation budgétaire du projet de construction Centre National Sportif et Culturel à Luxembourg-Kirchberg

(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

2. 5461 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la promotion, la fourniture et l'utilisation des systèmes de navigation par satellites de GALILEO et du GPS et les applications associées, signé à Dromoland Castle, Co. Clare, le 26 juin 2004 et de son Annexe

5462 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne et ses États membres et l'État d'Israël, signé à Bruxelles, le 13 juillet 2004

5479 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) - GALILEO entre la Communauté européenne et ses États membres et la République populaire de Chine, fait à Pékin, le 30 octobre 2003

(Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)

3. 5532 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Cap-Vert dans les domaines de l'éducation, de la culture et des sciences, signé à Praia, le 20 novembre 1998

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

4. 5536 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'adhésion de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovaquie et de la République slovaque à la Convention sur la loi

applicable aux obligations contractuelles, ouverte à la signature à Rome le 19 juin 1980, ainsi qu'aux Premier et Deuxième Protocoles concernant son interprétation par la Cour de justice des Communautés européennes, signée à Luxembourg le 14 avril 2005

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

5. 4939 - Proposition de révision de l'article 68 de la Constitution

(Second vote constitutionnel)

6. 4285 - Proposition de révision de l'article 69 de la Constitution

(Second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. François Biltgen, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

■ **M. le Président.**- D'Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.**- Neen, Här President.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Wiseler.

Da komme mer direkt zur Diskussioun vun dem éischte Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg um Ordre du jour hunn. Dat ass déi budgetär Upassung beim Bau vum nationale Sport- a Kulturzentrum um Kierchbierg. Bis elo sinn ageschriwwen d'Madame Flesch, den Här Diede- rich, d'Madame Loschetter an den

Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement.

**1. 5551 - Projet de loi relatif à la troisième adaptation budgétaire du projet de construction Centre National Sportif et Culturel à Luxembourg-Kirchberg**

**Rapport de la Commission des Travaux publics**

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, haut solle mir e Projet de loi hei an der Chamber unhuelen, ee vun enger Zort, vun där mer schonns e puer haten. Et geet hei nämlech ëm déi drëtt Budgetsupassung betreffend de Bau vum „Centre national sportif et cul-

turel“ um Kierchbierg, eis alle- guerte besser bekannt als Coque. De Bauteminister huet de 14. Mäerz 2006 dëse Projet hei an der Chamber deposéiert. De 4. Abrëll huet de Statsrot säin Avis ofginn. D'Bautekommissioun huet, no- deems ech de 5. Mee als Rapporteur bestëmmt gouf, an därsel- wechter Sitzung souwuel de Projet wéi och den Avis vum Statsrot ana- lyséiert an och diskutéiert.

Selbstverständlech, Här President, krute mir all zousätzlech Informa- tiounen vum Bauteminister, dem Claude Wiseler. An der Sitzung vum 12. Mee huet d'Bautekommis- sioun de Rapport bei zwou Entha- lunge majoritär ugeholl.

Erlaabt mer, Här President, datt ech e kuerzen Historique vum Pro- jet de loi hei maachen. Deen ur- sprüngleche Projet, dee Mëtt den 90er Joren ausgeschafft gi war, sollt ongeféier 3,5 Milliarden al Lët- zebuerger Frang kaschten. An deem Projet war allerdéngs virge- sinn, datt eng Vëlospist soll matge- baut ginn. Well dës enorm Zomm awer zu deem Zäitpunkt als ze héich gesi gouf, sinn d'Vëlospist an aner divers Equipementer gestrach ginn.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**- De Keelesportszentrum net vergies- sen.

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Jo. Ass deen och ge- strach ginn, Här Jaerling?

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**- Deen ass och gestrach ginn. Schlëmmer wéi d'Pist!

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Hahaha! Esou datt de Projet schlussendlech den 2. Mee 1996 hei an der Chamber ge- stemmt gouf, a ronn eng Milli- ard méi bëlleeg war wéi deen ursprün- geleche Projet...



#### (Interruption)

...um Pabeier.

Fir weider Geld ze spueren hat d'Regierung deemools dann och décidéiert, fir sech just ëm d'Konstruktioun vun der Coque ze bekëmmen. All déi aner Aménagementer sinn ausgeklammert ginn. Domat war et dem Fonds d'Urbanisation et d'Aménagement du Plateau de Kirchberg seng Charge, fir sech ëm d'Alentoursë ronderëm d'Coque ze këmmen.

Mä et war domadder net gedoen. Dofir och meng Ausso aganks vu mengem Rapport, dat mir där heiter Gesetzer schonns e puer gesinn hätten. D'Gesetz vum 11. August 2001 huet eng éischt Budgetadaptatioun erlaabt, déi sech op 578 Milliounen Frang oder 14.328.246 Euro chiffriert huet. 250 Milliounen dovun waren du fir d'Aussenaménagementer bestëmmt, déi dunnt erëm an de Projet integréiert gi sinn. Mam Rescht vun de Sue sinn technesch Adaptatiounen, déi am Laf vun der Zäit néideg gi sinn, finanzéiert ginn.

Eng zweet Adaptatioun an der Héicht vun 7.035.797 Euro huet du missen am Juni 2002 virgeholl ginn, fir verschidden aner Équipementen vun der Coque ze finanzéieren.

Den Text, iwwert dee mer haut hei diskutéieren, gesäit elo eng drëtt, an hoffentlech awer lescht Budgetadaptatioun vir. Et geet ëm d'Bezuele vun zousätzleche Frais. Fraisen, déi zum Deel entstane sinn duerch Iwwerschreide vun den Délaien, awer och duerch verschidden aner finanziell Regularisatiounen, déi hu misse virgeholl ginn.

Den Detail vun den zousätzleche Käschte gesäit elo folgendermoossen aus:

Éischte Lot: Travaux «clos et couverts». Eng Expertise ass vum Stat an Optrag gi ginn, nodeems datt d'Revendicatioun weinst zousätzleche Leeschtungen, déi net duerch de Cahier des charges ofgedeckt waren, opkomm sinn. Hei koun een zur Konklusioun, datt den Délai de dépassement vu siwe Méint dem Entrepreneur général net kann opgelaacht ginn, an datt eng zousätzlech Indemnisation an deem Fall domadder och gerechtfäerdeg wier.

Ouni elo wëllen op all déi Aarbechten am Detail anzegoen, ass awer nach ze bemerken, datt nach aner zousätzlech net virgesinnen Aarbechten ugefall sinn, déi - wéi kann et anescht sinn - selbstverständlech och zousätzlech Käschte mat sech bruecht hunn. Zu deemem Punkt muss ee soen, datt déi heifir néideg Suen eréischt disponibel sinn, wa mer dat heite Gesetz bis gestëmmt hunn, an datt de Stat am Moment Intérêts de retard berappe muss, fir déi ze spéit Bezuelung vun dese supplémentaires Aarbechten. D'Rechnung, déi heizou gemaach ginn ass an als Basis fir de Montant dängt, op dee sech am Projet de loi baséiert gëtt, gesäit vir, datt d'Sue spëtstens den 30. Juni 2006 disponibel si sollen.

Fir dem Entrepreneur senge Fuerderungen nozekommen, huet de Minister him eng definitiv an irrévocabel Offer gemaach. De Montant vun där Offer ass och an deemem Text virgesinn.

Den Total vun deenen heite Käschte beleef sech op 8.127.000 Euro, Taxes comprises.

Zweete Lot sinn Travaux «techniques»; an de Lot 3 Travaux de «second œuvre». Déi elo just genannten Dépassementen vun deene virgesinnten Délaien hatten natierlech en Afloss op d'Loten 2 an 3. Et ass och aus deem Grund net ze contestéieren, datt déi do entstane Frais de jeeweligen Adjudicataires net därferen opgelaacht ginn.

Wat déi net prévisibel Aarbechten ugeet, esou ass do eng Eenegung um Niveau vun den zousätzlechen

Offeren fonnt ginn. No verschiddene Réuniounen mat de concernéierte Parteien konnten déi ursprüngelech Fuerderunge beträchtlech - awer beträchtlech - erofgeschrafft ginn.

An deem Beräich vu Lot 2 an 3 beleef sech den Total op 2.081.000 Euro.

Drëtte Lot: Honoraires supplémentaires dus en raison de l'expertise. No deene verschidde Revendicatiounen, déi ech elo grad opgezielt hunn, huet de Stat mat de concernéierte Parteien zesummen eng Expertise an Optrag ginn. Eng Expertise, déi als Zil huet, fir en Accord a puncto Montant, deen ze bezuelen ass, ze fannen. Et ass gemaach ginn, datt d'Expertisefrais zwëschen deenen einzelnen Acteuren opgedeelt solle ginn. Par contre müssen déi zousätzlech Architektrefrais awer vum Bauhär gedroe ginn. Dese Käschtepunkt beleef sech op ronn 708.000 Euro.

Vierte Lot: Aménagements extérieurs. No där éischter Budgetadaptatioun sollt den Aussenaménagement vun der Coque 6.770.000 Euro kaschten. Insgesamt hu sech d'Engagementen no der Soumission publique awer op 7.630.000 Euro belaf. Dese Montant konnt allerdéngs op 7.300.000 Euro zrëckgeschrafft, reduzéiert ginn, esou datt am Endeffekt en Dépassement vu 570.000 Euro entstanen ass.

Dozou muss ee soen, datt des Aarbechten awer opgedeelt gi sinn tëschent dem Stat engersäits an dem Fonds de Kirchberg andersäits. Fir Soumissionungskäschten ze spueren a fir e bessere Präis ze kréien, ass awer nëmmen eng Soumission ausgeschriwwen ginn; eng gemeinsam also amplaz vun zwou Soumissionen. Normalerweis hätt jo de Stat säin Deel ausschreiwe missen an de Fonds de Kirchberg - deen Deel, fir deen hien zoustänneg ass.

Déi hei ugewannte Prozedur, Här President, kann een awer als séier vernünfteg ugesinn. De Stat huet dem Fong säin Deel deemno virfinanzéiert a gëtt, wann den definitiven Décompte bis gemaach ass, rembourséiert. Des Zomm gëtt awer als normal Statsrecette ofgebucht a kann deemno och net méi vum Budget vun deemem Projet ofgezu ginn a muss dofir ganz op de Projet Coque kontabiliséiert ginn.

D'Frais vum deemem Volet belafe sech deemno am Total op 530.000 Euro.

Fënnefte Lot: Préfinancement des travaux de construction par la société immobilière. D'Virfinanzierung vun deenen zousätzleche Bauaarbechten duerch d'Immobilien-gesellschaft huet zousätzlech - selbstverständlech zousätzlech - Onkäschten, oder besser gesot Intérêts de retard mat sech bruecht. An der Zäit vum 16. September 2002 bis 1. Abrëll 2003 huet d'Société immobilière déi lafend Aarbechte virfinanzéiert, wat eigentlech esou net virgesi war.

Bei där Zomm handelt et sech dann ëm 153.000 Euro.

Sechste Lot: Régularisations financières. Zu gudder Lescht bleiwen nach verschidde finanziell Regularisierungen. Effektiv sinn do verschidden Ausgaben, déi eigentlech weinst dem Garantiegesetz hätte misse vum Fonds direkt bezuelt ginn, der Ligne de crédit vun der Immobilien-gesellschaft operluecht ginn. Des Dépenses waren am initiale Projet net virgesinn. Mëttlerweil sinn d'Suen awer opgebraucht a misse folglech an d'Enveloppe financière vun deemem Projet opgeholl ginn. Do ass zum Beispill d'Grundsteuer bezuelt ginn iwwert d'Ligne de crédit vun der Société immobilière, déi esou net dû war.

Dës zousätzlech Käschte belafe sech op dräi Milliounen Euro.

D'Gesamtkäschte vun där drëtter Budgetadaptatioun vum Bauprojet Coque belafe sech, wann

een all déi grad genannte Chiffren zesummerechent, op ronn 14.600.000 Euro.

Gradesou wéi de Statsrot a sengem Avis hoffe mir an der Bautekommission, datt elo den Dossier Coque definitiv kann zougemaach ginn an esou d'Exploitation an de Fonctionnement vun der Infrastruktur garantéiert ass.

„Definitiv zougemaach“, aus finanzieller Vue gesinn, bleift awer, Här President, mat engem Point d'interrogation do stoen. Well dat, wat bleift, sinn nach e puer Litigen, déi, wa se net à l'amiable geregelt gi kënnen, juristisch gesinn nach net ausgestane sinn. Hei ass et net de Rôle vun der Politik, fir den Entschéedungen vun de Richter virzeäifen. Déi verschidde Montanten, fir ze entschiedegen, déi d'Experté vun der Administratioun als dû ugesinn, sinn awer, wéi scho gesot, an deemem Projet virgesinn.

An deem Kontext, Här President, wollt ech nach e puer méi generell Bemierkunge maachen zu deem gesamte Projet Coque an der Prozedur, déi jo net onbedéngt als Glanzstück duerstellen ass. Och wann et verschidden Ursachen an Erklärungen fir déi eng oder aner Entschéedung gëtt, esou muss ee sech dach awer verschidde Froen an deemem Kontext stellen:

Éischtens, de Rôle vum Architekt a puncto Responsabilitéit, wat d'Anhale vun Délais an d'Anhale vun där finanzieller Enveloppe ass. Et ka jo nu wierklech awer net sinn, wann e Projet, sief et duerch Feelpassung, sief et duerch Oubliance, sief et duerch Netanhale vun Délaien, méi deier gëtt - an dese Projet, Här President, ass ëm 1,5 Milliarden al Frange méi deier ginn -, datt den Architekt doduercher och nach prozentual méi Geld kaséiert. Ech sinn do där Meinung, dat därer et net sinn.

Éischter de Konträr misst de Fall sinn, datt ee mat den Architekten eng Prime aushandelt, fir de Fall wou de Bau éischter fäerdeg ass wéi geplangt, oder bei Net-erreeche vun där finanzieller Enveloppe, oder wann déi finanziell Enveloppe net opgebraucht gëtt - datt den Architekt dofir eng Prime kritt. Mä dat anert, dat dierf u sech net de Fall sinn.

Zweetens, am Fall vun engem Litige, mengen ech, wier et richteg an och wichteg fir de Stat selwer, mä och fir de Betrib, dee mat dra verwickelt ass, datt deen Deel vun de Gelder, déi d'Experté vum Stat als dû ugesinn, datt au moins déi direkt sollen ausbezuelen ginn. Domadder spuert de Stat éischters d'Ausgabe fir d'Zësen op där enger Säit, an op där anerer Säit kënn dee betraffene Betrib net onnéideg a finanziell Schwierigkeeten.

Well et handelt sech jo hei, Här President, oder an de meeschte Fäll net nëmmen ëm e puer Euro. Et handelt sech net ëm Peanuten. Ech bleiwen awer där Meinung, wann en Accord à l'amiable méiglech ass, oder een ee fanne kann, datt dat dee bessere Wee ass, och dee bessere Wee wäert sinn, an och an Zukunft wäert bleiwen.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wëll ech awer nach all deene Merci soen, déi un deemem schwierere Projet geschafft hunn. Virun allem awer wëll ech dem Bauteminister Claude Wiseler Merci soen, deen déi néideg Transparenz an dese Projet an an des Prozedur erabruucht huet. Ech wëll och all deene Merci soen, déi mer heibannen nogelauschtert hunn, an ech wëll selbstverständlech den Accord vun der CSV zu deemem Projet bréngen. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** - Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Clement. Éischt ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madame Flesch.

#### Discussion générale

**Mme Colette Flesch (DP)**.- Merci, Här President. Här President, Kolleegen a Kolleginnen, an hirem Rapport zur zweeter Budgetadaptatioun vum Projet Coque den 8. Mee 2002 huet déi deemoleg Rapporteuse, d'Madame Agny Durdu, hire Rapport mat folgende Wieder introduzéiert, an ech zitieren: „Bei deemem Projet de loi hätt ech déck Loscht fir ze soen: Jamais deux sans trois.“ Elle ne croyait pas si bien dire!

Mä d'Resultat geet nach iwwert dat ewech, wat se deemools gemengt huet. Well si hat deemools bäigefügt, an ech zitieren erëm: „Woubäi ech hoffen, datt deen «trois» dann awer elo dese Projet de loi ass, an datt mer net nach eng Kéier erëmmen müssen an nach eng Rallonge stëmme musen.“ Elo si mer esou wäit. Mir si bei der drëtter Adaptatioun, also beim véierten Episod vun deem Roman.

Ech wär éischter tentéiert ze soen: Plus ça change, plus c'est la même chose, wann ech un all déi Rallongen denken, déi mer a leschter Zäit hu musse stëmmen, fir d'Projet vum Här Goebbels a vun der Madame Hennicot iwwert d'Bühn ze bréngen, dat geet vum Musée d'Art Moderne iwwert d'Schoulen um Geesseknaäppchen, d'Philharmonie, d'Coque, an d'Cité judiciaire kënn bestëmmt derbäi, an ech hunn der bestëmmt nach eng ganz Partie vergiess.

Also, de Bauteminister, den Här Wiseler, huet keng einfach Positioun. Ech muss soen, et kéint ee sech méi attraktiv Beschäftegunge virstelle wéi Bauteminister ze sinn an déi Projeten dann iergendwéi awer iwwert d'Bühn ze bréngen.

Wat ech wëll begrëssen a mengem perséinlechen Numm, mä och am Numm vu menger Fraktioun, dat ass säi Wëllen, Uerdnung an de Bauteministère ze bréngen, Transparenz ze schafen, a seng exzellent Kollaboratioun mat der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes, wou mer jo all zesummen eng nei Prozedur versichen op d'Been ze setzen, déi soll erméiglechen an Zukunft dee Genre Dérapagen ze verhënneren.

Wann ech mech bei menge Rechnungen net geiert hunn, dann ass mat där Argumentatioun de Gesamtkäschtepunkt vum Projet Coque 97.938.043 Euro. Dat sinn der 35.900.000 an eppes méi wéi den ursprüngeleche Projet vum 2. Mee 1996. Dat ass also eng stolz Iwwerschreidung vun 58%, méi oder weëneger.

Bon, wat bleift der Chamber iwwreg? Mir müssen deen dote Projet stëmmen. D'Coque steet. D'Coque fonctionnéiert. Mer müssen och derfir surgen, datt se fonctionnéiere kann. Mir kënnen also näischt anescht maache bei där Diskussioun, wéi dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, villmools Merci ze soe fir säi Rapport. Hien ass jo an all déi Einzelheeten agaangen, wéi déi Zomm vu 14.600.000 Euro, déi mer haut stëmmen, sech zesummesetzt. Ech ginn also dorobber net méi an. Mä ech wëll him nach eng Kéier Merci soe fir eng ondankbar Aarbecht, déi en hei huet misse verriichten.

Ech mengen, et misst ee sech och dem Conseil d'État ralléieren, dee gesot huet, dass een nëmmen kann hoffen, dass déi Dépenses, déi elo festgeluecht sinn, effektiv korrekt evaluéiert sinn, wat géng, esou de Conseil d'État, eng definitiv Evakuatioun vum Dossier erméiglechen.

Nach hunn ech eng Befierchtung, well ech hunn dem Rapporteur a sengem mëndleche Rapport gutt

nogelauschtert: Hien huet higewisen op déi Litigen, déi nach virun de Gerichter pendant sinn. Mer kënnen also do och nach Iwwerschreidungen kréien.

Drëtte Punkt, Här President, ech mengen, et misst een dem Bauteminister Bonne chance wënschen, fir dass e kann effektiv déi Fongen, déi hei an deemem Projet virgesi sinn, virum 30. Juni 2006 liquidéieren, fir dass mer net erëm Intérêts de retard kréien. Ech géng mengen, et geet elo duer.

Et kann een och hoffen, an et soll een och hoffen, dass mer enges Daags un d'Enn vun deem Tunnel vun den Dépassementen komme vun deene Projeten, déi den Här Goebbels an d'Madame Hennicot ons iwwerlooss hunn, an et bleift ons näischt anescht iwwreg wéi dese Projet de loi ze stëmmen. Am Numm vun onser Fraktioun soen ech also, dass mir wäerte Jo stëmmen.

**M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. Nächste Riedner ass den honorablen Här Diederich. Här Diederich.

**M. Fernand Diederich (LSAP)**.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säi präzise Rapport zu engem Projet, deen d'Rei vun deene fortsetzt, fir déi mer hei an der Chamber budgetär Adaptatiounen hu misse stëmmen.

D'Situatioun beweist e schlechten an irresponsablen Émgang mat den öffentleche Gelder. A wa gëschter hei gesot gouf, datt eng Rei Leit sech net méi bécken, fir zéng Cent Mënz opzehiewen, sou sinn hei aner Montanten am Spill. De Stat misst hei, wéi och an anere Gebidder, mam gudden Beispill virgoen an net ëmmer anere Leit, wéi zum Beispill de Gemengen, de béise Fanger maachen.

Sécher wësse mer och, dass net all Detail bei esou engem groussen Projet ka virausgesi ginn, datt et ëmmer Imprévuë wäert ginn, déi och oft am Interesse vun enger gudder Léisung müssen a Kaf geholl ginn. An deemem Fall stéiert awer besonnesch d'Ausmooss vun den Iwwerschreidungen, déi bei no 60% leien, souwéi de Faktor Zäit, wann ee weess, datt de Projet am Mee 1996 votéiert gouf, sou datt mer haut zéng Joer méi spéit nach hei müssen driwwer befannen.

**M. Charles Goerens (DP)**.- Dir sidd ze spéit an d'Chamber komm, Här Diederich!

#### (Hilarité)

**M. Fernand Diederich (LSAP)**.- Dat ass déi Gnod, déi een huet, Här Goerens.

#### (Hilarité)

**Une voix**.- Besser spéit ewéi ni.

**M. Fernand Diederich (LSAP)**.- Sécher huet déi polyvalent Notzung vum Bau fir Sport a Kultur eng gewësse Komplexitéit vun den Arichtungen a besonnesch vun den techneschén Équipementen bedeit.

#### (Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Sécher soll ee Centre national - och wa mer e klengt Land sinn an eng klengt Stad am Verglach mam Ausland - awer gewësse Kritären entsprechen, déi eppes anescht ausgesi kënnen wéi an enger gläich grousser Provënzstad am Ausland.

Et muss ee sech awer froen, ob dofir ëmmer misse grouss Stararchitekter beméit ginn, déi sécher dem Projet eng perséinlech Emprunte verleien, den estheteschen Aspekt vläicht iwwerbetounen, sou datt déi technesch Schwierigkeeten bei der praktescher Ëmsetzung spéider oft méi grouss si wéi erkannt.



Datselwecht gëllt och a Gemen-gen. Mir hunn dat alles erlieft am klengen Verglach, dass och do alles, wat esou e bësse méi modern a méi komplizéiert war, a wou e klengen Buergermeeschter mat sengem, losse mer soen, heiansdo Bon sens, nogefrot huet, dann ass gesot ginn, dat geet schonn an datt de Problem herno awer do.

Mir mengen awer, datt déi nei Prozeduren, déi den zoustännegen Minister ausgeschafft huet, eng besser Planung an e bessere Suivi vun den neie Projekte wäerte garantéieren an datt mer an Zukunft dës leideg Problematik besser an de Grëff kréie wäerten.

Dobäi ass och déi parlamentaresch Kontroll vu grousser Wichtigkeet. Sou wéi de Statsrot et gesäit, deen och säin Accord zu dësem Punkt gëtt, solle mer dofir suergen, den Dossier definitiv ze evakuéieren, a mir hoffen, datt der Exploitation an dem gudde Fonctionnement vun der Coque näischt méi am Wee wäert stoen, datt keng weider Reparaturen an Iwwersachunge sech wäerten an Zukunft weisen, datt d'Coque de Kader wäert ofgi fir munch flott sportlech a kulturell Evenementer. An deem Sënn wëll ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren an och den Accord vu menger Fraktioun fir de Projet ginn.

**M. Henri Grethen (DP).** - Äert Wuert an eiser Här sengem Ouer.

**(Hilarité)**

**M. le Président.** - Merci, Här Diederich. Déi nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter.

**Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, sou eng Reiefolleg vun Adaptations budgétaires bréngen automatesch déi méi désagréabel Säite vun der politescher Aarbecht zum Virschäin; wat eigentlech schued ass a sécherlech net ganz glécklech fir den Image vun der politescher Aarbecht hei an dësem Haus.

An der éischter Adaptation budgétaire am Joer 2001 hate mer scho bei dësem Projet mat enger Adaptation budgétaire vun 22% ze dinn. Mä Kolleg, de François Bausch, huet deemools schonn ënnerstrach, datt esou en Dépassement vu praktesch engem Véirel vum Gesamtbudget - also déi éischt Adaptation - net kéint eleng op Imprévuen zréckzeféiere sinn.

Dat Joer duerno koum déi zweet Adaptation budgétaire, an de Robert Garcia, deen en Don hat, fir Politik op eng poetesch pikant Aart a Weis ze beschreiwen, huet déi regelméisseg Parlamentssëtzungen, wou iwwer Adaptations budgétaires gestëmmt ginn ass, deemools beschriwwen als – ech zitieren: „eng Grieweröffnung op dem Här Goebbels sengem giganteschen Kierfecht vun Éléphants blancs“.

**(Interruptions diverses)**

Jo, ech géif haut beschreiwen, datt den Här Goebbels, deen iwwergens deen deierste Bauteminister aus der Lëtzebuerger politescher Geschicht ass, dem aktuelle Bauteminister éischter en trojanesch Pärder geschenkt huet.

A wann d'Madame Flesch och mengt, et géinge méi flott...

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech géif mech do net ze wäit avancéieren, Madame Loschetter.

**Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** -... Aarbechte ginn, wéi Bauteminister sinn, da mengen ech awer, Här Fayot, datt et aner Bauteministere ginn ass, déi déi Aarbecht nawell ganz lëschtge fonnt hunn.

Eis erfieert net nëmmen haut de Montant vun der Adaptation bud-

gétaire - erëm eng Kéier 22% - oder déi Gesamtiwwerschreitung vum Budget, knapp 60%, dat ass jo scho gesot ginn -, mä nach vill méi d'Ursaachen, déi - an et muss een et soen - mat enger schlechter an net kontrollierter Gestiou vum Dossier ze dinn huet.

De Gros vun de Sue ginn drop fir Prozesser, Supplémenten, Retarden, soi-disant Imprévuen, déi eng Expertise dann haut erëm als noutwendeg erweisen hunn, mä déi deemools net am Cahier des charges virgesi waren.

De Conseil d'État huet et eigentlech an Tëschenzäit och opgi sech an d'Detailer iwwert d'Ursaache vun dëser drëtter Adaptation ze knéien. Hie mécht d'Aen zou, hie gëtt säin Accord, an hien hofft, datt dat deiert trauregt Spill endlech en definitiivt Enn féint.

Tëscht 1996 an 2006 sinn awer an Tëschenzäit wichteg Décisionen geholl ginn. Décisionen, déi meng Fraktioun iwwergens scho laang an dësem Haus revendiquéiert haten, wéi zum Beispill déi nei Prozeduren, fir e Bauprojet an engem fréizäitege Stadium mat sengem Budget zousätzlech och nach an der Comexbu ze presentéieren. An eisen Ae sinn dat wichteg an noutwendeg Garde-fouën, déi munch engem fréieren Bauteminister zum Beispill den Drang no Extravaganzen e bësse gebremst hätten.

Dëst gesot, Här President, wëll ech dem Rapporteur och Merci soe fir seng Aarbecht; ech wëll dem Bauteminister eng glécklech Hand wënsche bei senger Altbautusanéierung, déi hien amgaang ass durchzeféieren, an der Chamber matdeelen, datt mir - konsequent, wéi mir eben nun eemol sinn - eis d'selwecht wäerte behuele wéi bei där éischter a bei där zweeter Adaptation budgétaire, nämlech wäerte mir eis an där drëtter Adaptation budgétaire an hoffentlech och där leschter nach eng Kéier enthalten.

**M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Mehlen.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Loosse mer mol kucken, wéi et bei den Iwwerschreidungen elo an der Stad Lëtzebuerg geet.

**(Interruptions)**

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här Fayot, ech hat geduecht, Dir géngt awer iwwert dee provinziellen Niveau do erausgoen, datt Dir hei d'Stad Lëtzebuerg géngt verwiessele mat der Chamber.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Mir hunn där och scho vill an der Stad Lëtzebuerg gestëmmt an dat wäert net besser goe bei deem blougränge Schäfferot.

**M. le Président.** - Also, mir sinn hei net an engem Poterraum. Ech hat dem Här Mehlen d'Wuert ginn, fir seng Ausféierungen ze maachen.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Mä den Här Fayot, dee provoziert ze vill. Et muss een do-robber reagéieren.

**M. le Président.** - Här Bausch, ech kann lech do net zoustëmme; den Här Fayot ass net bekannt, fir ze provoziéieren.

**(Hilarité)**

Den Här Mehlen huet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, war dat do elo e Kompliment oder kee Kompliment?

**Une voix.** - Et kann nach alles kommen.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, den Här Fayot, deen elo genannt ginn ass, huet haut de Moie bei enger Visite um Terrain vu

Belval gesot: „Dat waren Zäiten, do hate mer nach Wagone voller Goss.“ An ech fannen, dat ass en exzellenten Aussproch, wann een en op dëse Projet wëllt uwenden. Dat waren Zäiten, do hate mer nach Wagone voller Goss. An eis Ministeren hunn och gemengt, dat géing ni méi ophéieren.

Haut stelle mer fest, datt mer vläicht nach Wagonen hunn, mä de Goss ass zimlech rar ginn. An trotzdeem musse mer eise finanzielle Verpflichtungen nokommen.

Ech wëll soen, datt dat, wat sech beim Projet Coque ofgespillt huet, e finanzpolitesche Skandal alleréischter Klass ass. Ursprénglech war e Projet vun 3,5 Milliarde Frang virgesinn. Well Bedenke waren, datt dat d'Finanzkraaft vum Lëtzebuerger Stat géing iwwerstrapazéieren, ass en op 2,5 Milliard reduzéiert ginn, obschonn all Mënsch deemools wosst, datt dat net anzehale wär. Do ass sech scho fir d'alleréischte Kéier an d'eegen Täsch gelu ginn. Da koumen Adaptationen - ech bleiwe bei de Frangen, fir datt et keng Konfusioun gëtt -, 2001: 578 Milliounen, 2002: 285 Milliounen an elo 585 Milliounen, en neien Total vun nobäi véier Milliarden, wou mer ursprénglech vun 2,5 ausgaange sinn, datt ass eng Iwwerschreidung vu 1.500 Milliounen Lëtzebuerger Frang oder - ech mengen, den Här Diederich hat et gesot - ronn 60%.

Dat ass onverantwortlech, sou kann een a sou dierf ee mat öffentliche Steiergelder net ëmgoen.

Ech zitieren ausnahmsweis d'Lëtzebuerger Wort vu gëschter, wat seet: „Bei der morgigen Debatte wird es erneut harsche Kritik und Ärger geben rund um himmel-schlechten Umgang mit guten Steuergeldern. Wir vertrauen trotzdem, dass Newcomer Claude Wiseler ein umsichtiger Bautenminister ist und...“

**(Hilarité)**

„...politisch wie personell bedingtem Wursteln...“ - ech ënnersträichen et: Wursteln - „...der Vergangenheit künftig ein Ende bereitet.“ Dat ass jo awer schwaarz op wäiss an enger Zeitung, déi d'Wourecht an d'Recht fir sech gepacht huet...

**(Interruption)**

**M. le Président.** - Här Bausch, provoziert elo net!

**(Hilarité)**

**M. Robert Mehlen (ADR).** - ...hei d'Konfirmation vun deem, wat ech elo grad gesot hunn a wat och meng Virriedner zum Deel gesot hunn.

**(Interruption)**

Här President, wann een op d'Ursaache vun deem finanzielle Crash hei ageet, da kann een nëmme staunen. Am Exposé des motifs fir déi Rallonge hei steet: «Il appar-tiendrait ainsi au Fonds d'Urbanisation et d'Aménagement du Plateau de Kirchberg de prendre en charge les aménagements extérieurs du projet.»

Déi éischt Adaptation, déi komm ass, déi war néideg, well dat net agehale ginn ass: «frais d'aménagement des alentours qui ont été réintégrés dans le projet, tandis que le solde était destiné au financement des adaptations technologiques», an esou weider. Et war néideg weinst «transformations de la zone d'entrée et principalement des parvis et escaliers du côté boulevard Joseph Kennedy, à cause de l'implantation de la centrale de cogénération.»

Do kann een nëmme staunen. Fir d'éischt gëtt eppes esou geplangt, dann huet den deemolege Buergermeeschter vum Kierchberg oder besser de President vum Fonds de Kirchberg anscheinend anescht décidéiert, an de Stat, dee konnt d'Rechnung bezuelen. Weinstens esou liesen ech et hei.

Ech widderhuelen dat, wat meng Virriedner gesot hunn: De Statsrot resignéiert. En huet et einfach op-ginn. E seet: Liest meng Kritik bei deene Projekte virdrun. Et si soi-disant déiselwecht.

**(Interruption)**

Mir wëllen hei just e puer Froe stellen: Wéi ass esou eppes méiglech?

Éischtens, selbstverständlech duerch d'Ambitionen an enger Zäit, wou mer Wagone voller Goss haten, fir d'Ham dräimol an der Mëllech ze kachen, obschonn datt mer alleguer wëssen, datt dat näischt bréngt.

Architekten, déi hirer Verantwortung net gerecht ginn, a wou mer alleguer hoffen, datt dat gutt ausgeet, wou ech awer fäerten - muss ech éierlech soen -, datt dat net gutt ausgeet, wat mer elo nach u Litigen um Hals hunn.

Ech muss awer och soen, dee ganze finanzielle Montage geet mer net. An ech stéiere mech all Kéiers drun, wann eis gesot gëtt, dat gëtt iwwert d'Loi de garantie gebaut, well dat geet jo méi einfach. Mir huelen eis e Maître d'œuvre, an dee baut eis dat. Dat géing ech jo nach verstoen! Mä da maache mer e Projet a mir soen, mir hätte gären dat an dat, bien défini. An elo schreiwe mer dat aus: Wee mécht eis dat, déi Qualitéit, déi Architektur zum beschtméigleche Präis? An da läit d'Verantwortung bei deem, deen de Projet realiséiert.

Hei kritt zwar een de Projet, dierf e realiséieren, awer d'ganz Responsabilitéit läit beim Stat. Dat ass eppes, dat hunn ech bis haut nach net verstanen. Dat applizéiert sech och op de Musée Pei. Hei ass zu engem ganz groussen Deel natierlech d'Responsabilitéit vum Architekt am Spill. An ech ralliiere mech deem Virriedner, dee gesot huet, datt et jo net ka sinn, datt deen dann och nach Geld drop verdéngt, wann en de Käschtepunkt maasslos iwwerzéit, well einfach de prozentualen Taux op säi Chiffre d'affaires applizéiert gëtt.

Mä et ass awer och d'Responsabilitéit vun der Politik, déi et net fäerdeg bruecht huet iwwert déi ganz Zäit, fir d'Jalonen an deem ganzen Agencement esou ze stellen, datt déi Dérapagen do net méiglech gewiescht wären. Et sinn natierlech och nodréiglech ëmmer erëm Réadaptation vum Projet, Ännerunge vum Projet gestëmmt ginn, wou mer eis jo haut Gott sei Dank mol driwwer eens sinn, datt dann all Kéiers d'Chamber op en Neits muss befaasst ginn. Wann dat de Fall gewiescht wär, wäre mer och vläicht e bësselche méi virsichteg virgaangen.

Här President, contrairement zu eise Virriedner muss ech hei soen, datt mir dëse Projet net stëmmen. Mir ginn d'ganz Responsabilitéit bei déi, déi deen Marasmus hei ze verantworten hunn an d'politesch Verantwortung duerfir droen. Et geet nämlech net duer de Bauteminister einfach auszewiessele, an dann den Newcomer - wéi d'„Lëtzebuerger Wort“ schreift -, deen ass jo dann onbeleckt an onbefleckt,...

**(Hilarité)**

...an deen dierf dann einfach esou virufueren. Mir kënnen dem Här Wiseler jo hei nodréiglech keng Steng geheien.

**(Interruptions)**

Do komme mer och nach eng Kéier drop ze schwätzen.

**Une voix.** - Här Spautz, do dierft Der och nach eng Kéier driwwer schwätzen.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Dat do war jo awer eng chrëschtlech Zeitung, déi jo awer och Saache geschriwwen huet, déi net falsch sinn.

**M. le Président.** - Här Mehlen, Är Zäit ass ofgelaf.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Meng Zäit ass ofgelaf, Här President.

**Une voix.** - Dir kritt nach Zäit!

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Ech wollt nach eng Kéier soen, datt mir dee Projet hei net kënnen stëmmen.

**M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Leschte Riedner ass den honorabelen Här Aly Jaerling. Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech zu dësem Projet Stellung huelen, dann ass et fir nach emol eng Kéier deen initiale Projet an Erënnerung ze rufen: dee vun der Coque. An deem Projet war niewent enger Vëlospist, déi ass jo hei vum Här Rapporteur ernimmt ginn, awer och e Keele-sportzenter mat virgesinn.

**(Interruption)**

Déi zwou Infrastrukture konnte leider aus finanztechnesche Grënn net realiséiert ginn, an haut gesi mer jo, dass et nach schlëmmer ass, wéi deemools gefaart ginn ass, wann do och scho keng Sue waren. An haut hu mer scho misse zwou Schëppen noleeën. Ech hoffen dann och, dass dat awer déi lescht Schëpp ass, déi mer an deem Projet mussen uleeën.

D'Keelefederatioun krut amplaz vun deem Keelesportzenter da staatlech Ënnerstëtzung zougesot, fir an den Infrastrukturen op der Kockelscheier kënnen hir Trainingsunitéiten an national an international Compétitiounen ofzehalen. Op de Kongresser vun der Keelefederatioun hunn awer verschidde Ministeren offiziös versprach de Bau vun engem Keelesportzenter ze förderen, bis haut awer och ouni offiziellen Echo.

Elo gesäit et leider esou aus, wéi wann déi Anlagen op der Kockelscheier aus sécherheetstechnesche Grënn spéitstens an engem Joer mussen zougemaach ginn. Eis Keelesportler, déi international massiv Erfolleger ze verzechnen hunn, riskéieren ab nächstem Joer op der Strooss ze trainéieren. Et ass also néideg kuerzfristeg ze reagéieren.

Duerfir, Här President, erlaabt mer hei e puer Nimm an e puer Exploité vun eise Keelesportler nach eemol an Erënnerung ze bréngen:

**(Interruption)**

Jeannot Peter, Weltmeeschter par individuel a par équipe an am Tandem; Alain Scheer, zweemol Weltmeeschter par individuel, par équipe an am Tandem an zweemol Europameeschter; Steve Blasen aktuelle Weltmeeschter par individuel, par équipe, an am Tandem an och Europameeschter. D'Goldmedail huet de Steve Blasen d'lescht Joer gewonnen bei de World Games, den olympesche Spiller vun den olympesche Sportarte viru 25.000 Spectateuren.

**M. le Président.** - Här Jaerling, Är Ausféierung si ganz interessant.

**(Hilarité)**

Ech gesinn allerdéngs net, wat se mam Sujet ze doen hätte vun haut de Mëtten, dee mer diskutéieren.

**M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här President, wann Der mech fäerdeg schwätze loosst, da gesitt Der zum Schluss, dass dat wuel mam Sujet ze dinn huet.



Am Bowling huet den Alain Lienes, den Alain De Biasi, de John Van Agris an de Romain Oberweis bei de Weltmeeschterschaften d'Bronzemedail gewonnen.

Här President, dat sinn Erfolleger, déi keng aner Sportaart hei am Land opzeweisen huet. De Keelesport an de Bowling sinn also sonner Zweifel sportlech Ambassadeure vu Lëtzebuerg, déi Unerkennung verdéngt hunn. Fir esou Erfolleger verdéngen kënnen ze garantéieren, brauchen dës zwou Sportsdisziplinen onbedéngt ugepasste Sportsinfrastrukturen, zumools de Bowling kuerz virdrusteet als olympesch Disziplin unerkannt ze ginn.

Dofir, Här President, wa schonn deemools et net méiglech war, fir de Keelesportzenter ze bauen, géif ech dann awer Schrëtt fir Schrëtt virgoen, an dann eng Motioun hei deponéieren, déi d'Regierung opfuerdert, zumindest de Bau vun engem Keelen- a Bowlingsportzenter an de Fënnefjoresplang vun de Sportsinfrastrukturen ze integréieren, esou dass awer weinstens e Geste vis-à-vis vun de Keelesportler, déi esou vill Erfolleger opweises hunn, ka gemaach ginn.

Dat wëllt jo dann net heeschen, dass e muer muss gebaut ginn, mä zumindest ass awer schonn emol e Schrëtt no vir gemaach, dass awer d'Dier op ass, fir en iergendwann ze bauen. Domadder hätten d'Keelesportler dann och scho Genugtuung. Meng Motioun huet nëmmen eng Ënnerschrëft, an ech hoffen, dass jo awer hei weinstens sech véier Athlete fannen, déi bereet sinn den Dépôt...

**(Hilarité)**

...vun dëser Motioun weinst dem Dépôt ze ënnerstëtzen, fir dass se da ka spéider gestëmmt ginn.

**Motion 1**

*D'Volleksvertriederkummer,*

*- besuergt, all Sportarten adequat Infrastrukturen ze garantéieren;*

*- sech bewusst, datt och de Keelesport an de Bowling, déi eist Land während deene leschten zwéi Jor-zéngten international exceptionnel gutt mat Weltmeeschtertitele par équipe a par individuel vertrueden hunn, ugepassten Infrastrukture brauchen;*

*- besuergt driwwer, datt déi aktuell Trainings- an Compétitionsanlagen op der Kockelscheier spéits-tens an engem Joer deene sécherheetstechneschen an international gefuerderte Bedingungen net méi wäerten entsprechen;*

*fuerdert d'Regierung op*

*- de Bau vun engem Keelen- an Bowlingsportzenter an de Fënnefjoresplang vun de Sportsinfrastrukturen ze integréieren.*

*(s.) Aly Jaerling, Niki Bettendorf, Charles Goerens, Henri Grethen, Carlo Wagner.*

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den zoustänneg Minister, den Här Claude Wiseler, Bauteminister.

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Däerf ech net schwätzen?

**M. le Président.** - Pardon, den Här Bettendorf hat d'Wuert gefrot.

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Ech wollt just soen, datt ech dem Här Jaerling seng Motioun ënnerschreiwen. Hien huet vergiess ze soen, datt ech op enger Keelebunn zwëschent zwou Klatzen am Trach op d'Welt komm sinn.

**(Hilarité)**

**M. le Président.** - Mir ginn haut de Mëtte viles hei gewuer.

Sout, den Här Minister Wiseler huet elo d'Wuert.

**M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Ech soen, fir unzefän-

ken, selbstverständlech der Commission des Travaux publics an dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, Merci fir déi Aarbecht, déi e ganz gutt an och ganz schnell gemaach huet. Well dat hei ass e Projet, bei deem et wichteg war, datt mer schnell schaffen, well all Dag déi Zënsen op deem Projet hei lafen.

Ech fänken un, andeem ech soen, datt evidentereis och fir mech dat hei keen einfachen a keen evidenten Dossier ass. Well et all Kéiers, wann een esou en Nostëmm muss maachen, a wann een all déi Problemer, déi sech am Laf vun der Zäit bei engem Bau wéi deem hei, wat e schwierge Bau war, gestallt hunn, muss novollzéien, muss nachgestalten, wat net ëmmer evident ass.

Déi Problemer, déi mer haten, sinn eng ganz Rei technesch Problemer, déi sech gestallt hu weinst der Komplexitéit vum Bau, weinst Supplémenten, déi gefrot gi sinn z.B. vun Armaturen, déi hu misse stabiliséiert ginn. Och weinst Koordinationsproblemer um Chantier - an dat wëll ech kloer soen -, déi grouss Retardé mat sech bruecht hunn - 19 Méint Retarden - wouriwwer Expertisé gemaach gi sinn, an eng ganz Rei Méint der Entreprise générale zougeschriwwen gi sinn an anerer der Entreprise générale awer net konnten zougeschriwwen ginn a wou dann déi Nobezuelungen hei musse gemaach ginn. Weinst aner supplementar Aarbechten, déi net prévisibel waren a schlussendlech weinst d'Kontabilisatiounen vun Ausgaben, déi op dësem Projet gemaach gi sinn, ouni datt se hätte missen op dësem Projet gemaach ginn, well si hätten direkt kënnen iwwert d'Loi de garantie lafen. Well si awer iwwert de Projet bezuelt gi sinn, mussen se dann elo, wa mer dat wëlle propper an transparent par rapport zu den Texter, par rapport zu de Reglementer, déi mir eis selwer ginn hunn, maachen, och mat an d'Gesetz opgeholll ginn, obwuel se an der Theorie guer net hätte missen dra sinn, mä mir hätten se missen iwwer en anere Wee bezuelen, an esou am Fong elo als Supplément hei figuréieren, mä a Wierklechkeet net e Supplément sinn, well se hätten am Prinzip, wa se net iwwer e falsche Wee bezuelt gi wären, net bräichen hei am Gesetz ze figuréieren.

Dat, fir déi puer Explikatiounen ze ginn. An ech mengen, wann een esou e Projet wéi dat hei - an dat hu mer och gemaach an dem Ministère des Travaux publics an deene leschte Méint -, analyséiert a wann een alles kuckt, wou d'Problemer sech am Laf vun der Zäit, am Laf vun de Jore gestallt hunn, dann ass et jo evident, datt ee probéiert aus esou engem Projet wéi deem hei Léieren a Konklusiounen ze zéien, fir eng ganz Rei Saachen ze évitéieren.

Eng vun deene Konklusiounen, déi mer draus gezunn hunn, dat ass, datt mer déi Analys vun de Besoinen, déi gemaach muss ginn éier iergendee Projet op den Ordre du jour kënnt, dann och esou muss gemaach ginn, datt mer eis vläicht vill méi Zäit au préalable huelen, fir d'Analys ze maachen. Datt mer och de Programm, dee mer aus där Analys do opstellen, deen nach vill méi prezis muss sinn, direkt mat deene Gremien, mat Analysten duerchkucken, fir datt mer sécher sinn - méi oder weiniger sécher sinn -, datt et dat do och ass, wat schlussendlech soll gebaut ginn. Dat Schrecklech ass, datt, wann au fur et à mesure vun der Zäit, wou gebaut gëtt, Changeementer kommen a wann dann um Programm mussen Adaptatiounen kommen, dat ëmmer fuerchtbar an d'Käschte geet.

Dat zweet ass d'Architektur. Mir hunn elo eng ganz Rei Projekte gebaut. Dir hutt hei vun de Stararchitekten geschwat an an der Zeitung liesen ech iwwert d'Prunkbauten. Ech soen, déi Bauten, déi mer elo an deenen nächste Joren um Pro-

gramm hunn, déi Bauten, déi mer elo als prioritär considéieren, dat si Bauten, déi a sech eng klas-sesch Form hunn. Déi och klas-sesch Baute sinn, déi d'Administratioun, déi se muss maachen, wesentlech besser beherrscht, wéi aner Bauten, déi esou exzeptionell si wéi deen hei. An dofir denken ech, datt mer se och ganz anescht a wesentlech besser an de Grëff kréien.

Mä et ass och evident, datt mer eis eis reglementaresch Basis mussen anescht ginn. Mir hunn e Règlement concours ausgeschafft, fir d'Architekten an d'Projeten erauszewielen. E Règlement concours, dee vill méi wéi déi Jore virdrun eis dann och d'Méiglechkeet gëtt, fir dem Präis, dem Käschtepunkt, der Ekonomiséierung vun engem Projet Rechnung ze droen, schonn eleng wa mer de Projet erauswählen.

Dann ass et och evident, datt mer ganz anescht wäerten un d'Projeten erugeen, wa mer de Choix vun de Materialie maachen a wa mer Soumissiounen maachen. Ech wëll an Zukunft net, datt iergendzwoch Luxusmateriale gebraucht ginn, mä datt et ganz kloer ass, datt all dat Material, wat an deene Bauten agebaut gëtt, wat mer elo brauchen, Qualitéitsmaterial ass, sans plus. Et muss zolidd sinn, an et muss fonctionnel sinn.

Hannendru wëll ech dann och nach soen, datt et a mengen Aen evident ass, datt e ganz enke Suivi vun der Exécutioun a vun den Décompté gemaach gëtt. Mir hunn an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire mam Här Grethen ofgemaach, datt mer all sechs Méint a seng Kommissioun kommen, fir déi eenzel Projeten duerchkucken.

Mir hunn eis och eng Method ginn, wou mer net nëmmen d'Globalitéit vum Projet duerchkucken, mä wou mer der Kommissioun och jiddfer Projet par corps de métier ginn, wat dann d'Dépenses op deem Corps de métier prezis sinn, sou datt bei jidderengem, dem Ministère an der Chamber, dee Suivi vill méi enk ka gemaach ginn.

Den Här Clement huet virdrun de Problem opgeworf vun de Contrats d'architecte an dem Fait, datt d'Architekten prozentual zum Coût bezuelt ginn. Ech akzeptéieren a verstinn och, datt dat als Problem ka gesi ginn, dofir hunn ech och dem OAI, dem Ordre vun den Architekten an den Ingenieuren, bei deene Réuniounen, déi mer haten, a wou mer diskutéiert hunn iwwer en neie Contrat type mat den Architekten, proposéiert, datt mer an Zukunft géingen iwwert d'Forfaitisatioun schwätzen an datt e System op där enger Säit, wann et méi deier gëtt, vu Penalitéiten respektiv op där anerer Säit, wann et méi bëlleg gëtt, vu Primen mat an déi Diskussioun muss drakommen. Dat gëtt net nécessairement eng einfach Diskussioun. Ech mengen, datt et eng schwéier Diskussioun gëtt, mä d'Finalitéit, wou mer wëllen higoen, schéngt mer awer ganz kloer ze sinn.

A wat mer och, mengen ech, musse maachen, dat ass, fir all Kéiers, wa mer Baute vun esou enger Envergere maachen, d'Prévisibilitéit an d'Zukunft vum Entretien ganz anescht an de Grëff ze kréien oder ganz anescht virzegesinn, wéi dat bis elo de Fall war. Dofir probéiere mer am nächste Joer am nächste Budget e Fonds d'entretien préventif direkt op d'Been ze setzen, deen eis erlaabt, d'Prévisibilitéit vum Entretien besser an de Grëff ze kréien, laangfristeg an de Grëff ze kréien, an dee Moment och den Entretien vun de Gebaier wesentlech besser ze maachen. Déi puer Saache wollt ech nach dozou soen.

Ech stëmmen och dem Här Clement zou, wann hie seet, datt et bei Désaccorden, déi mer hu mat där enger Firma an och mat där anerer - an Dir hutt et richteg gesot, an deem hei Dossier sinn nach esou Désaccorden, keng Litigen, well mer nach net um Geriicht sinn, mä nach eng Rei Désaccorden dran -, ëmmer préférabel ass, en Accord à l'amiable ze fannen. Domat sinn ech d'accord, mä ech soen awer och hannendrun, datt ech awer net bereet sinn, wann ech mengen, datt dem Stat säin Intérêt net zu honnert Prozent garantéiert ass, weinst dem Accord à l'amiable den Accord à l'amiable anzegoen. Ech mengen, datt wa mir iwwerzeegt sinn, datt eng Zomm dū ass an datt net méi dū ass wéi dat, a mir kréie keen Accord à l'amiable, jo dann hu mer keen anere Choix, an ech wëll och dann am Intérêt vum Stat keen anere Choix agoen.

Ech hoffen och wéi d'Madame Flesch, datt dat hei déi leschten Diskussioun ass, déi mer heiriwwer hunn. Ech hu gesot, mir hunn nach eng Rei Désaccordé mat enger Rei Entreprises. Ech mengen, datt d'Administratioun an déi Zuelen, déi si virleet, Recht huet, an ech denken, datt mer och wëllen op dat Recht, vun deem mer mengen, datt mer et hunn, pochen an dat duerchzéien.

Här President, ech hunn eng Wuertmeldung gesinn.

**M. le Président.** - Pardon, den Här Grethen huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen (DP).** - Ech wollt dem Här Minister zwou Froe stellen. Dat eent ass déi - an dat stelle mer bei dësem Bau fest -, dass d'Missioun vun den Architekten a vun den Ingenieuren ze iwwerdenken ass an dass d'Responsabilitéit vun deenen zwee Corpsen och misst e bësse méi prezis gekuckt ginn, a ganz besonnesch bei der Opstellung vun de Bordereauen, wou ee feststellt, dass et Entreprisé gëtt, déi méi Leit an hire Services internes hunn, fir d'Faillë vun engem Bordereau ze kucke wéi de Bordereau u sech, déi also méi Manipulateure vun engem Bordereau hu wéi Kalkulatoren.

An ech mengen, dass een och do als Stat muss ganz skeptesch vis-à-vis vu besonnesch grësseren Entreprisé sinn, déi ëmmer erëm mat hire pléthoreschen Truppe vu Spezialisten, besonnesch Juristen, de Präis vun engem Bau an d'Luucht dreiwen, a mir doduerch esou vill Affären um Geriicht hunn. Vlächtt kann de Minister eis konfir-méieren, dass bei klengen Betriber, wann déi op engem Bau schaffen, dat Onwiese mander grouss ass wéi bei grësseren Entreprises, besonnesch bei Entreprises générales, a wat hien do gedenkt ze maachen.

An dat Zweet ass, Här President: Um Bau Prinz Rischard, vun deem mir jo als Chamber direkt concernéiert sinn, gesi mer jo d'Schwaachstelle vun eisem aktuelle Soumissiounsgesetz. D'Fro, déi ech stellen, ass, ob de Minister bereet ass, dat Soumissiounsgesetz an noer Zukunft op de Leescht ze huelen an déi Schwaachstellen och auszemerzen.

**M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Ech soen dem Här Grethen Merci fir seng Froen, well se a sech eng Rei vun deene grousser Suergen, déi déi sinn, déi ech all Dag ze traitéieren hunn, hei honnertprozenteg widerspigelen.

Déi éischt Fro, dat ass d'Missioun vun den Architekten an den Ingenieuren. Et ass ganz kloer, datt mer eng Prezisiounen mussen drabrëngen, wéi wäit déi Kontrollfunktoun vun den Architekten an den Ingenieuren op de Chantieren exercéiert gëtt.

Ech gesinn awer do och, datt dat vu Chantier zu Chantier verschiden ass, well ech ka mer ganz gutt Chantierë virstellen, wou déi Kon-

trollfunktoun an de Suivi vun dem Bau vun dem Architektbüro selwer gemaach gëtt.

Par contre hu mer awer och a grëssere Chantierë gekuckt, datt mer eegestänneg Koordinationsbüroen huelen, déi da just als Missioun d'Koordinatioun vun deem Chantier hunn, well mer mengen, datt do d'Aarbechten esou grouss sinn, datt et wesentlech ass, datt dat net den Architekt ass.

Mä d'Äntwert op Är Fro ass déi hei: Ee muss et maachen an ee muss domat chargéiert ginn, an ee muss dovunner och déi Responsabilitéit kloer an däitlech droen, fir déi Koordinatioun op de Chantieren ze maachen.

Ech deelen déi Skepsis, déi Dir hutt, an ech kann zwar elo net soen, ob déi Prozesser, déi mer hunn, méi vu grësseren oder méi vu klengen Entreprisé gemaach ginn. Wann Dir mech esou spontan froet, obwuel ech et net nogekuckt hunn, géing ech lech am Prinzip, mengen ech, kënnen Recht ginn.

Par contre, wat ech lech awer ka soen, dat ass, datt d'Zuel vun de Prozesser, mat deenen de Ministère des Travaux publics ze dinn huet, selbstverständlech zouhëlt, an datt déi Affären, déi schonn an enger ganz frëier Etapp op de Référé ginn, enorm zouhëlt.

Dat heescht an anere Wieder, datt och de Ministère a senger Fonctionnalitéte muss ëmdenken. Et ass evident, datt, wann dat do déi Welt ass, an déi mer erakommen - an dat schéngt esou ze sinn -, da musse mer eis och d'Moyenë ginn, fir ze résistéieren a fir kënnen och déi Atouten op eis Säit ze kréien.

Ech hunn dee Ministère zu engem groussen Deel ëmgebaut, ëmkoordinéiert, eng ganz Rei Juristen erageholl, fir de Suivi vun den Dossierë besser ze maachen, wa mer an déi juristesche Gefilder kommen, mä haaptsächlech, an dat ass d'Zil dovun, fir net a juristesche Problemer ze kommen, andeems mer schonn de juristeschen Aspekt au préalable duerchkucken, fir kee Feeler ze maachen; well hei all Komma, dee falsch steet, do iergendwou eng Kéier bezuele kanns. Wa mer dat wëssen, da musse mer drop oppassen. Ech soen Iech just, et mécht net ëmmer Freed an et ass net ëmmer einfach, mä et ass esou, a wann een dat weess, muss een drop reagéieren.

Déi drëtt Fro vum Här Grethen, dat wär déi iwwert d'Soumissiounsgesetz. D'Soumissiounsgesetz ass 2003 a senger aktueller Fassung gestëmmt ginn. Mir hunn eis eng Rei Joren elo ginn, fir ze kucken, wat d'Stärkten an d'Schwächte vun deem Gesetz sinn. Ech hunn d'Berufschamberen elo gefrot, si solle mer hir Avisen eraschécken, well ech der Meinung sinn, datt mer deen Text erëm eng Kéier müssen op de Leescht huelen, fir éischters eng Rei Punkten, déi an den Direktiven zousätzlech komm sinn, ëmzesetzen, mä dovunner ze profitéieren, fir dann och d'Schwaachstellen, déi mer manifestement am Text kënnen gesinn, an de Grëff ze kréien a fir esou de Stat besser a méi reaktionsfäeg ze maachen.

Voilà, dat waren d'Äntwerten op déi Froen, an och déi iwwert den Architekt, déi den Här Mehlen gestallt huet, mengen ech, hunn ech beäntwert.

Zur Motioun vum Här Jaerling wëll ech soen, quitta datt dat hei elo net mäin Dossier ass, well et en Dossier vum Sportsministère ass, datt ech mengen, an all deenen Diskussiounen, déi mer momentan hei hunn, wat d'Prioritéite vum Stat sinn, weess ech genau, wat d'Prioritéite sinn, an deene mer elo dra sinn. Mir bauen hei prioritär Schoulen; mir baue prioritär déi europäesch Institutiounen, déi mer müssen hunn; mir baue prioritär déi sozial Infrastrukturen, déi mer brauchen, an do brauche mer all eis Energie an engem groussen



Deel vun eisen Investissementer, fir dat korrekt zur richteger Zäit, sou schnell wéi méiglech a sou bëlleeg wéi méiglech hinze kréien.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

*(Brouhaha général)*

Also, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen eis ee Moment gedëllegen. An der Technik huet sech en Iertum ageschlach a mir wäerten nach eng Kéier vu vir ufänken.

Sou, elo stëmme mer dann iwwert de Projet de loi of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmme, 4 Nee-Stëmmen a 7 Abstentionen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*MM. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;*

*M. Aly Jaerling.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**Motion 1**

D'Motioun vum Här Jaerling ass an dësem Moment nach net recevabel, well den Här Jaerling an den Här Bettendorf de Moment nach eleng sinn op der Keelebunn.

**M. Henri Grethen (DP).** - Eemol, wou d'Sportler ugeschwat sinn, géif ech se gären ënnerstëtzen.

**(Hilarité)**

**M. le Président.** - Also, den Här Jaerling, den Här Bettendorf an den Här Grethen. Domat ass d'Motioun net recevabel an deementsprechend...

**(Interruption)**

**M. Henri Grethen (DP).** - Neen, neen, neen, mir ginn einfach eis Ënnerschrëft, fir dass den Här Jaerling seng Motioun ka stëmme loosse.

**(Interruption et hilarité)**

**M. le Président.** - Also, den Här Goerens an d'Madame Flesch ënnerschreiven nach, an dann ass d'Motioun recevabel a mir stëmmen driwwer of.

Kënne mer par main levée ofstëmmen, Här Jaerling?

**M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Jo.

**M. le Président.** - Wien ass fir déi Motioun, deem ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Voilà. Wien ass dergéint? Ech denken, Här Jaerling, dass de Vote eendeiteg ass. Domat ass déi Motioun ofgelehnt.

Mir kommen dann zum nächste Projet de loi vun haut de Mëtteg, dat sinn u sech dräi Projeten iwwert d'Navigatiounssystemer Galileo, GNSS a GPS. Mir maachen eng Diskussioun iwwert déi dräi Projeten. De Rapporteur, den honorablen Här Thiel, exposéiert eis elo déi dräi beieneen an da maache mer d'Diskussioun zesummen iwwert déi dräi Projeten. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

**2. 5461 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la promotion, la fourniture et l'utilisation des systèmes de navigation par satellites de GALILEO et du GPS et les applications associées, signé à Dromoland Castle, Co. Clare, le 26 juin 2004 et de son Annexe**

**5462 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne et ses États membres et l'État d'Israël, signé à Bruxelles, le 13 juillet 2004**

**5479 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) - GALILEO entre la Communauté européenne et ses États membres et la République populaire de Chine, fait à Pékin, le 30 octobre 2003**

**Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

**M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, no villem Gedeessems goufe sech d'europäesch Partner virun dräi Joer eens, en eegent Navigatiounssystem opzeriichten, dat sech op eng Rëtsch Satellitte stäipt.

Dat hat net onbedéngt eppes mat europäeschem Prestigedenken ze dinn, och wa mir deemools nach déi Schéinst an déi Beschtp op der Welt wollte ginn, wéi dat jo eestëmmeg 2000 zu Lissabon beschloss gi war. De Papp vun der Iddi dierft éischter d'Asiicht gewiescht sinn, datt quasi d'ganz Welt sech am Ablack op een eenzeg Navigatiounssystem verléisst, deem säi Propriétaire domat eng Monopolstellung an dësem wichtege Beräich anhëlt.

Dat wär un a fir sech nach net weider schlëmm, well dee Monopolist säi Service gratis offréiert, mä kee kënnt hien drun hënnere säi System auszuschalten, wann et him an de Kapp kéim, an domat all deene Milliounen Navigatiounsapparaten

op der ganzer Welt de Stroum oder de Signal ofzedréinen. Wat hien iwwregens och schonn eng Kéier - op d'mannst deelweis - gemaach huet, an zwar aus Sécherheetsgrënn am Ufank vum Irakkkrich, well dee Satellitesystem, vun deem hei Rieds ass, ass de GPS - GPS steet fir Global Positioning System -, deem d'Amerikaner säit 1993 bedreiwen an deen an alleréischter Hisiicht militäreschen Zwecker dëngt.

Et ass awer net vun ongeféier, datt déi zwee eenzeg Satellitesystemer op der Welt, den Amerikaner hiren GPS an de Russen hiren GLO-NASS, vun deenen zwee gréisste Militärmuechte bedriwwu gëtt. Alldéngs zielt de Russen hire System kaum, well deem seng 24 Satelliten nëmme méi zur Halschent funktionnéieren, derbannst den Amerikaner hir 24 Satellitte säit 13 Joer voll am Asaz sinn. An dat - deen Asaz - net fir d'Lescht zur vollster Zefriddenheet vun deene Milliounen Automobilisten uechtert d'Welt, déi sech - a mir gehéiere jo zu engem gudden Deel och derzou - vun deene Satelliten op de richtege Wee schécke loosse.

Well den GPS esou e grouse Publikumsferfolleg ginn ass a well een déi Navigatiounshëllef ganz breed asetzen an eventuell esouguer e Geschäft draus maache kann, ass sengerzäit zu Bréissel decidéiert ginn, och fir Europa esou e System ze lancéieren.

**(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Déi Iddi ass zwar net iwwerall op Begeeschterung gestouss, weder bei den EU-Memberen, déi dofir sollten an d'Täsch gräifen, nach bei den amerikanesche Frënn, déi nawell ganz gären hiren Navigatiounsmonopol bäibehalen hätten, mä well dat Ganz net der Däiwel kascht - et geet Rieds vu manner wéi 4 Milliarden Euro, also ongeféier d'Halschent vun eise Budget -, war et net allze schwéier sech eens ze ginn. A wéi d'Amerikaner gesinn hunn, datt d'Europäer decidéiert wieren Eescht ze maachen, hu se sech och dragefügt no hirer albekannter Business-Devis: „If you can't beat them, join them.“

An elo ass de Galileo dann ënnerwee. Säin Numm, wéi Der Iech denke kënnt, huet de Projet vun deem groussen italienesche Wëssenschaftler aus der Renaissance, dee sech sengerzäit munche Misesse opgelueden huet, wéi hie seng Zäitgenossen dervun iwwerzege wollt, datt d'Äerd sech ëm d'Sonn dréint an net ëmgekéiert. Datt de Galileo Galilei elo, 400 Joer nodeem hie wéinst senger angeblecher Häresie ausgelacht an esouguer agelacht gi war, esou en Denkmal gesat kritt, ass wuel méi wéi an der Rei.

De Projet Galileo gouf als Gemeinschaftswierk vun der Europäescher Unioun an där hirer Weltraumduechter ESA, European Space Agency, lancéiert. E gesäit 30 Satellitte vir - 27 am Normale plus 3 an der Reserv -, déi eng gudd 23 km iwwer eise Käpp ëm d'Äerd kreesen a vun do hir Signaler erfeschécken, woumat ee seng Positioun hei ënne bis op de leschte Meter bestëmmen kann.

Den éischte Satellit gouf den 28. Dezember vu Baikonur eropgeschoss - vun der russescher Weltraumgare -; just zur Zäit iwwregens, well den Test vun de Sendefrequenzen, fir deen déi zwee éischt Satelliten agesat ginn, muss bis den 10. Juni ofgeschloss sinn, well soss d'Reservatioun fir d'Frequenzbänner verfare géif. Wann dann och elo duerno alles riicht an och no Fahrplang verleeft, da kann de Galileo-System Enn 2010 - dat ass net méi esou laang - a Betrib goen.

Woufir brauche mir dann elo de Galileo?

Fir d'éischt soll hien natierlech dat assuréieren, wat elo den GPS och mécht, nämlech deem Eenzelnen hëllef säi Wee ze fannen, doeruech datt hien zu all Moment kontrolléiere kann, wou hie selwer grad ass, an dat par rapport zu där Plaz, wou hien hi wëllt. Dee Service, logescherweis „open service“ genannt, ass gratis a fir jiddereen op.

Dann de kommerziellen Dëngscht, den „commercial service“, deem alle méigleche Benotzer um Buedem, um Waasser oder an der Loft extrem prezis Navigatiounsdaten op extra Frequenze liwwert, alldéngs dës Kéier net méi fir näischt, mä géint Bezuelung.

Dann dréttens kënnen och d'Eisebunn, d'Aviatioun an ähnlech Entreprisen op de Galileo zréckgräifen, fir hire sécherheetstechnesche Besoiné gerecht ze ginn. Dat heescht dann „safety of life service“.

Als nächst kommen déi fir déi eenzel State reservéiert Frequenze fir den „public regulated service“, déi natierlech entsprechend ofgeschiermt a verschlésselt der Polizei oder och der Arméi, a ganz bestëmmt wuel och de jeeweilege Geheimdëngschter zur Verfügung stoe wäerten.

A schliesslech dann, de Sich- a Rettungsdëngscht, „search and rescue“, mat deem senger Hëllef d'Rettungsequipen an Nout- a Katastrophefäll séier a virun allem prezis agräife kënnen.

Dat Ganzt soll géréiert gi vun engem Konzessionär, dee vun der „Galileo Joint Undertaking“, der Gemeinschaftsentreprise vun EU an ESA, an zwee Joererausgesicht gëtt, an deen dann och fir déi nächst 20 Joer fir d'Betribskäschten opkomme muss, déi op ronn 220 Milliounen Euro am Joer geschat ginn.

De Sëtz vun der Bedreiwergesellschaft, déi „Galileo Operating Company“ heesche soll, mussen sech Toulouse a London deelen, well ee sech net op een eenzege Sëtz eenegen konnt.

Wat huet elo Lëtzebuerg da mam Galileo ze dinn, a woufir musse mir hei Gesetzer iwwer Accordé stëmmen, déi d'Galileo-s-Bedreiwer mat Staten uechtert d'Welt ofschléissen?

D'Äntwert ass einfach: Lëtzebuerg ass bekanntlech en EU-Stat an domat Copropriétaire vum Galileo. A Lëtzebuerg ass och e Partner vun der European Space Agency, also der ESA, deem zweete Pilier vum Galileo. Mir sinn also gläich zweemol derbäi.

Net jiddfer EU-Land ass och un der ESA bedeelegt, well déi huet am Moment eréischt 17 Memberen. Déi 17 Membere sinn d'office u gewësse Fuersungsprogrammer vun der Weltraumagence bedeelegt a kënnen sech doriwwer eraus u weider ESA-Programmer drunhänken, wa se wëllen. Lëtzebuerg mécht zum Beispill nieft dem Galileo beim Telecom-Projet ARTES a beim Technologieprogramm GSTP mat, an ass doriwwer eraus och nach u zwee Observationsprojete bedeelegt.

Dat kascht natierlech eppes. Am Fall vu Galileo si mir indirekt iwwert den EU-Budget mat 1,5 Milliounen Euro derbäi, an direkt iwwert d'ESA mat 4,5 Milliounen, déi bis op 11 Milliounen klamme kënnen.

A wat hu mer dervun? Datt mer just derbäi sinn? Net nëmmen dat. Et muss ee wëssen, datt déi ESA-Programmer nom Prinzip vum „juste retour“ funktionnéieren. Dat heescht, d'Partner hunn en Urecht drop Commandé mat heem ze huelen, déi bis zur Héicht vun hirem Kapitalasaz oder souguer doriwwer eraus goe kënnen. Am Kontext vu Galileo hu Lëtzebuurger Firmae véier Propositionen fir déi zwou éischt Phase vum Projet age-

reecht. Sollten si zum Zoch kommen, kréiche mer iwwert dee Wee op d'mannst een Deel vun eiser Mise erëm.

Här President, Är Presidentekommissioun war esou gentil déi dräi Galileo-s-Projeten, iwwert déi Är Chamber dës Kéier ze befannen huet, ze bëndelen a se mateneen duerchzehuelen. Dat war eng weis Décisioun, well si erspuert dem Rapporteur dräimol bal datselwecht ze erzielen, an et erlaabt him no dëser allgemenger Virstellung vum Projet sech op d'Spezifisitéite vun deenen dräi Accorden ze konzentrieren.

An allen dräi Fäll geet et ëm d'Ratifizéierung vun Ofkommessen, déi d'Galileo-s-Initiateure mat Drëttstaaten ausgehandelt hunn. An dëser éischter Serie - well et kommen der nach e puer no - handelt et sech ëm Amerika, Israel a China.

D'Ofkommes mat de Vereenegte State vun Amerika ass net fir näischt dat éischt an der Rei, well vun dësem Accord huet d'Reüssite vu Galileo zu engem gudden Deel ofgehaangen.

Wéisou?

Majo et ass bekannt, datt d'Amerikaner nach laang net frou mat deem europäesche Projet waren, an deem si net nëmmen eng Menace fir hiren Navigatiounsmonopol gesinn hunn, mä virun allem eng geféierlech Konkurrenz fir hiren eegenen GPS. Wäre si bei hirer Resistenz bliwwen, hätt dat ganz gär zu politesche Mëssstëmmegkeeten an och zu gehéieregem Drock op deen een oder aneren EU-Partner féiere kënnen, wat de Galileo ganz geféierlech hätt kënnen an d'Wackele bréngen.

Dozou ass et Gott sei Dank net komm. Mä wéi viru genoe fënnf Joer d'Verhandlung mat Amerika ugefaangen hunn, huet et nach net esou gudd ausgesinn. Déi Säit vum grouse Pull ware se der Meinung en europäeschen Navigatiounssystem wier total iwwerflësseg. Doriwwer eraus géif en den GPS stéieren an domat deem seng Zouverlässigkeet - an dat ass a militäresche Froe jo net näischt - op eng entscheidend Aart a Weis aschränken, wat erëm schonn eleng dofir net vun den Amerikaner hätt kënnen akzeptéiert ginn, well den GPS prioritär jo eng militäresch Missioun ze erfëllen huet.

Et huet schonn e Strapp gedauert bis d'Amerikaner dovun iwwerzeegt konnte ginn, datt grad si, als Champion vum fräie Welthandel, sech engem globalen, zivilen an zum Deel kommerziellen Navigatiounssystem net an de Wee stelle kënnten. Dat ëmsou méi, wou d'Europäer eng Zesummenaarbecht tëschent dem Galileo an dem entretemps vereelsten an dofir fir eng Revisioun zeidegen GPS offréiert hunn, déi den GPS nach méi performant maache géing, wat och erëm eng Kéier fir seng militäresch Notzung net vun onbedeitender Relevanz ass.

Mä eréischt wéi d'Techniker de Problem vun der Cohabitatioun vun dem GPS sengem Militärsignal an dem oppene Galileo-Signal geléist an d'Amerikaner hir 100%eg Garantie kritt haten, datt een de Galileo am Krichsfall oder bei Terrorismusgefahr ausblende kënnt, hu si „Jo“ zu enger Kooperatioun gesot. Déi ass dunn um Sommet vun der irescher Présidence Enn Juni virelescht Joer op Dromoland Castle mat deem Accord besigelt ginn, deem Lëtzebuerg mat dësem Gesetz säi Sege gi soll.

De Fait, datt mir eis mat den Amerikaner eens gi sinn, huet warscheinlech d'Realisatioun vum Galileo iwwerhaupt eréischt méiglech gemaach. An de Fait, datt e Wee fonnt gouf, fir déi zwee Navigatiounssystemer mateneen ze verknäppen an domat de Grondstee fir e regelrechten universelle System ze leeën, wäert grad esou wahrscheinlech fir de kommerzielle Succès suergen.